



En avant... marche



Traditionell enk Relatiounen

De groussherzoglechen Haff an d'Militärmusék

Gegrënnt gouf d'Militärmusék virun eppes méi wéi 160 Joer. Well keen offizielle Grënnungsakt besteet, gëllt d'Ernennung vum éischte Kapellmeeschter Franz-Ferdinand Hübich den 29. Dezember 1842 als historesch noweisbar Gebuertsstonn vun dem "Hornistenkorps". De Grand-Duché war zwar duerch de Londoner Vertrag vum 19. Abrëll 1839 onofhängeg ginn, stoung awer ënnert der Herrschaft vum Haus Oranien-Nassau, also dem hollännesche Kinnék. D'Festung Lëtzebuerg war allerdéngs beim Däitsche Bond bliwwen. Laut "Bundeskriegsverfassung" huet Lëtzebuerg deem missen e militäresche Kontigent stellen, an deem séngem Organigramm och 25 Spilleit viirgesi waren. Zu Ierchternach, wou d'Infanteriebatailloun a Garnisoun war, gouf séch beméit, fir aus den Hornisten, wéi d'Militärmuséker bis ufanks vum 20. Jorhonnert genannt gi sinn, e "Musik-Corps" vum Jägerbatailloun op d'Been ze stellen. Den 23. Juni 1844 huet de Gouverneur ordonnéiert, dass d'Horniste vun der kinnekléch-groussherzoglecher Trupp séch an enger regelrechter Militärmusék gruppéiere sollten, déi an der Lag sollt sinn, eppes ze bidden, wann de Kinnék-Groussherzog vun Den Haag op Lëtzebuerg komme géif.

An der Tëschenzäit war och beim 2. Jägerbatailloun zu Dikrech eng Militärmusék entstanen. Sie ass opgetratt, wéi den 13. Oktober 1849 de Prënz Heinrich vun Holland, deen de 24. Oktober 1850 als Statthalter vu Lëtzebuerg vereedeegt gouf, an d'Garnisounsstad am Norde komm ass.

Wéi deeselwechte Prënz Heinrich den 18. August 1853 mat sénger Frau, der Prinzessin Amalia-Maria vu Sachsen-Weimar, Joyeuse Entrée zu Lëtzebuerg gefeiert huet, war d'Musék vum 1. Batailloun aktiv derbäi.

Mir gesinn also, dass vun Ufank un Relatiounen téschent dem Herrscherhaus an der Militärmusék bestanen hun. Dat blouf dann ëmmer esou, och a besonnesch wéi 1890 mam Dout vum Kinnék Groussherzog Wëllem III. déi männlech Linn vum Haus Oranien-Nassau ausgestuerwen an de Grand-Duché un d’Haus Nassau-Weilburg iwvergaangen ass.

Grouss Frënn vun der Militärmusék waren d’Grande-Duchesse Charlotte an och haut nach de Grand Duc Jean. Eisem fréiere Staatschef hunn iwvregens d’ Frënn vun der Militärmusék den 10. Oktober 2001 um Schlass vun Bierg als Merci an als Unerkennung eng extra enrégistréiert CD a limitéierter Editioun mat der Militärmusék ënnert der Leedung vum Majouer André Reichling iwverrecht.

Och ënnert dem neie Grand-Duc Henri, deen de 7. Oktober 2000 op den Troun komm ass, sinn d’Relatiounen mat der Militärmusék ganz enk a gutt.

Wat eis Militärmusék am Laaf vun engem Joer alles esou un Optrëtter am Déngscht vum groussherzoglechen Haff a vum Land huet, soll dës Opzielung vun 2001 e bësschen dokumentéieren:

Ëmbenennung vun der Kasär um Härebierg zu Dikrech op den Numm vum Grand-Duc Jean (29 Mäerz), Encadrement vum feierlechen Iesse vun der Châmbre an der Regierung fir de Grand-Duc Jean an d’Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte (26. Abrëll), Adieu um Findel fir déi groussherzoglech Koppel beim Départ op de Staatsbesuch a Spuenien (7. Mee), Optrëtter um Findel an am Palais beim Staatsbesuch vum giecheschen Staatspräsident Constantinos Stephaopoulos zu Lëtzebuerg (10. Juli), Départ vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse fir e Staatsbesuch a Slowenien a Concert vum Kammerorchester a Slowenien selwer (1. bis 3. Oktober),, offiziell Visiten zu Lëtzebuerg vum slowakesche Premierminister Mikulas Dzurinda (6. Februar), tschecheschen Premier Milos Zeman (12. Februar), bulgaresche Staatspräsident Petar Stjanow (7. Mäerz), ungarische Premierminister Viktor Orbán (28. Mäerz), slowenesche Premierminister Jarmar Drnovsek (28. Mee) a vum Dennis Hastert, Präsident vum Repräsentantenhaus am amerikanesche Kongress (26. Mäerz - Lëtzebuerg an Uesweller), feierleche Gardewiessel virum Palais (22. Juni, 12. Juli an 11. September), Nationalfeierdag mat Parad an der Neier Avenue, Te Deum an der Kathedral an engem Empfank am Cercle (23. Juni), nationale Commémoratiounsdag (7. Oktober)....

Jo, wat wieren eigentlech all dës Festlechkeeten ouni d’Militärmusék?

Dofir geet d’Traditioun weider

joseph lorent

Aperçu provisoire de quelques manifestations de la Musique Militaire Grand-Ducale

janvier 2002

23.01.02	11.30 hrs	LUXEMBOURG: Cérémonie patriotique à la place Clairefontaine
25.01.02	1430.hrs	ETTELBRUCK: Remise de commandements CEMA
30.01.02	20.00 hrs	LUXEMBOURG: Concert de bienfaisance au Conservatoire

février 2002

02.02.02	10.30hrs	Luxembourg: messe commémorative Eglise Sacré-Coeur suivie d'un dépôt de fleurs.
22.02.02	20.00 hrs	WORMELDANGE: Concert au Centre Culturel
24.02.02	16.00 hrs	ESCH/ALZETTE: Concert Croix Rouge au Théâtre Municipal

mars 2002

03.03.02.	matin	Journée Nationale du Souvenir
08.03.02	12.30 hrs	LUXEMBOURG: Concert de midi à la Villa Louvigny
10.03.02	16.30 hrs	CESSANGE: Concert au Centre Culturel
13.03.02	20.00 hrs	LAMADELEINE: Concert au Centre Culturel

avril 2002

12.04.02	20.00 hrs	STRASSEN: Concert organisé par les "FRENN VUN DER MILITAERMUSEK" avec PHILIPPE SPARKE
16.04.02	08.30 hrs	LUXEMBOURG: à la Musique Militaire Concert éducatif
17-18.04.02	08.30 hrs	WORMELDANGE: Concerts éducatifs Centre Culturel
21.04.02	matin	Retransmission radio de la messe RTL depuis la caserne GDJ
26.04.02	11.00 hrs	LUXEMBOURG: Pèlerinage militaire de l'Octave
28.04.02	11.00 hrs	LUXEMBOURG: Concert à la Place d'Armes